

Band No 223

Gezmaine

DRAMA a 4 AKTEN

VUM

J. P. K.



Letzeburg

Drock a Verlag vum P. WORRÉ-MERTENS

1 9 5 1



PERSO'NEN:

Mad. Welfring;

Germaine, hir Duechter;

Mad. Schaack, der Mad. Welfring hir Fröndin;

Trini, d'Fröndin vum Germaine;

Céline, dem Trini, seng Schwester;


an hirt klenzt Médchen, vun 3-4 Jor;

D'Gro'si vum Trini;

Joffer Weis, Sozialassistentin.

Lily, e Médchen töschent 12-14 Jor.

Eng Virkäfesch.



1. Akt.

1. Optrett.

(eng birgerlech Stuff)

Germaine: (stét beim Dösch ze strécken) Ech wéss net, 't ass mer haut nés eso' schwe'er. Ass et meng Schold, sin ech wirklech ze vill empfindlech, oder ass et awer eso', wat ech net wöll a net ka gléwen: Datt meng Mamm ébe kén Hèrz luët. Ech wéss net me', wat ech soll ufänken. (ganz traureg) Ech ka mache, wat ech wöll, 't ass emmer net geroden. Nén, 't ass ké Liewe me', dat hei!

Mad. Welfring: (könnt eran, sét neischt, dét de Mantel an den Hutt of) Bass de nach emmer net färdeg mat dénen hongregen Hiemer ze strécken? Ech menge, Germaine, wanns du misst dei Bro't verdengen mat denger Arbecht, da ge'f net vill erausfalen!

Germaine: Mamm, et wor eng hallef Stonn ké Strom do. Do hun ech an dér Zeit d'Kummeren an d'Rei gemäch.

Mad. Welfring: We' domm, grad haut hätt ech gäre läng gelöft, bei dém gudde Wieder. Du häss me' gescheit d'Fönstere botze sollen, oder d'Pied am Gart kappen.

Germaine: Abé dann ass dat eng Arbecht fir mur.

Mad. Welfring: Emmer mur, mur. Du wéss jo, we' d'Sprechelchen héscht: Morgen, morgen, nur nicht heute, sprechen alle faulen Leute.

Germaine: (traureg) Mamm, ech machen dach wat ech nemme kann.

(et klappt un der Dir)

Mad. Welfring: Wie soll da schon eso' fre' kommen? Entrez!

Mad. Schaack: (eng besser Birgerfra, könnt eran) Bonjour Elise, ste'ren ech net? (gi sech d'Hänn)

Mad. Welfring: Ganz a gur net. We' gét et dann?

Mad. Schaack: Merci, eso' weit gutt. (gét op d'Germaine dur)
We' ass et, Joffer Germaine, get gestrèckt?

Mad. Welfring: Hat könnt läng färdeg sin. 'T ass ké Geschéck
mat him. Denk der, de ganze, le'we länge Murgen ass hat
schon drun, de' pur hongreg Hiemer ze strècken.

Germaine: (ro't a verléen) Mè Mamm, ech hat jo gesot — —

Mad. Welfring: Neischt ze mammen a neischt ze soen. 'T ass
eso', we' ech gesot hun. Ge' elo mol d'Kiche botzen. An dann
net getrântelt, he'ers de!

Germaine: (sét neischt a gèt).

2. Optrett.

Mad. Schaack: So, Elise, ech fannen, bass de net e we'neg
stramm mat dengem Médchen?

Mad. Welfring: Stramm? Dat Médchen misst nach ganz anescht
ugepàckt gin. Eso' eppes Lueses, eso' eng Schlofhauf!

Mad. Schaack: 'T kann awer net jidwerén e Coureur sin, wat
ge'f dat an der Welt! An eso' ustelleg a ro'eg, wat wölls de
me' hun!

Mad. Welfring: (nervös) 'T könnt me' Liewen un em sin!

Mad. Schaack: Ech färten awer, 't ge'f dack sche'n hei gin,
wann och d'Germaine me' lieweg wir. Seng Mamm ass
schon eso' lieweg an nervös. Denk nemmen, huet et dir da
schon eng Ke'er erem geäntwert?

Mad. Welfring: So, Madeleine, hal mir keng läng Diskuren.
Ech kann der nemme soen, ech kann dat Médchen net recht
brauchen. A schliesslech, 't ass jo och meint net — —

Mad. Schaack: We' kanns du nemmen eso' eppes soen. Mâch,
dass eiser Hèrgott dech net stroft. Wanns du och nemmen
d'Ste'mamm bass: E Kand huet emmer Recht op Le'ft! — —
Mè, fir wat ech eigentlech komm sin: Eist Thérèse dét mech
of, datt d'Germaine e Méndeg mat him an d'Stad soll furen.
D'Thérèse soll jo den Examen mâchen am Dactylo. An et
mengt, et wir net eso' opgerégt, wann d'Germaine matgeng.

Mad. Welfring: Dorausser kann nun awer neischt gin. Well
meng Cousine vu Metz huet mech fir dén Dag op d'Kirmes

geruff. An da muss d'Germaine hei hém bleiwen. Et muss jo
unbedengt én am Haus sin.

Mad. Schaack: 'T ass daureschued. D'Thérèse hat sech eso'
drop gefrét. An ain Fong, et hätt dem Germaine och neischt
geschued, nés eng Ke'er eraus ze kommen.

Mad. Welfring: Abé, 't ass awer elo net anescht!

Mad. Schaack: Ja! — — We' hét et dann denger Cousine zu
Metz? 'T ass d'Josette, net?

Mad. Welfring: Dem Josette hét et gutt. Hat ka sech et gutt
huelen. Hatt huet Monéten, en Dengschtmédchen. Et kann
all Dag eraus goen.

Mad. Schaack: Ech mengen, 't ge'f én déers och allt eng Ke'er
midd!

Mad. Welfring: Wat eng Ried! Hues de schon eso' eng Dämm-
chen he're soen: Ech sin es midd? D'Liewen huet eso' vill
sche' Seiten! Et get én net färdeg, se all ze gene'ssen. — —
An iwerhapt, hun ech der schon dé neien Hutt gewisen, dén
ech mer göscht geléscht hun? En Abléck! (fort)

Mad. Schaack: (fir sech) Ech gesin, si ass och net vum ville
Schaffen. A si denkt me' un sech, we' un hirt Kand. We'ni
soll dat armt Germaine dé leschten Hutt krit hun. Wat gin
hir d'Aen op, wann d'Germaine eng Ke'er net me' hei ass.

Mad. Welfring: (könnt mat der Hutteköscht, pàkt aus) Hei,
ass dat ké Pracht vun engem Hutt!

Mad. Schaack: Et kann é soen, et wire menger drei gin!

Mad. Welfring: We' mungs du dat?

Mad. Schaack: Meija, hie wärt seng Mummesse kascht hun!

Mad. Welfring: (hallef belédegt) Mè so, entweder kafen ech
eppes oder ech kafen neischt. (setzt sech den Hutt op)

Mad. Schaack: Op de' Mane'er hues de Recht.

Mad. Welfring: (setzt hiner Fröndin den Hutt och op) Kuck, e
steng dir och ganz gutt, ganz extra, tipp, topp!

Mad. Schaack: (e we'neg flatte'ert) Mungs de? Wann ech jo
we'sst. Wann elo fir d'Kirmes eisen Nékel bestuet get,
brauch ech jo och e neien Hutt.

Mad. Welfring: Ma da loss mer gleich derno kucken. Ech mengen, 't waren der nach e pur vun dér Fassong do. Ech gi gleich mat der. (mecht d'Dir op, rift stramm eraus) Germaine, Germaine! Komm emol eran. (d'Germaine könnt gleich) Ech gin elo eng Minut mat der Mad. Schaack fort an e Geschäft. Du strècks an dér Zeit de' Hiemer färdeg, he'ers de? An e we'neg Tempo, a kuckt net eso' domm, verstés de?

Germaine: (resigne'ert) Jo ech fleisse mech.

Mad. Welfring: (hölt Hutt a Mantel) Da loss mer goen. (gét schons eraus)

Mad. Schaack: Äddi Germaine! (lues) A loss de Kapp net länken!

Germaine: (kuckt dankbar op se) Äddi!

3. Optrett.

Germaine: Wann ech engem Mönsch könnt soen, we' et mir ass! — — Enumer schaffen, keng Unerkennung. Nemme kritise'ert, emmer verboten. Dag a Nuecht keng Ro', wien hält dat aus? (fängt un, diskret ze kreischen) An dach könnt meng Mamm ganz anescht sin. Wann se wöllt! We' huet si virgöscht meng Cousine gehärzt a gehémelt! Ech hun se net erem kannt. Mè ech sin hir fé! (kreischt hart) Wat soll ech nemme machen? (lét de Kapp op den Dösch)

4. Optrett.

(et klappt)

Germaine: (erschreckt, wöscht sech d'Gesicht) Ja! (seng bescht Fröndin, d'Trini könnt eran) Wat, du Trini! O, ech sin eso' fro', dass du elo könnst. Komm, setz dech an dann ziels de mer, wat Neits. (get em e Stull) Ech strècken alt e we'neg virun.

Trini: Du mengs, soss ge'fen et Grommelen!

Germaine: So net eso'.

Trini: (eifreg) Mè dach, an dofir wir eng kleng Ofwieslong net schlecht fir dech. Ass deng Mamm net hei?

Germaine: Nén, firwat?

Trini: Mè ech wollt se froen, obs du e Méndeg mat ons op Dinant dirfs furen? Mir hun nach eng Platz am Auto frei. Dat ge'f Fréd!

Germaine: Doraus ge'f nu scho gleich neischt. D'Madame Schaack ko'm virdu scho froen, ob ech vleicht e Méndeg mat hirem Thérèse an d'Stad könnt goen, fir em e we'neg Courage ze machen bei sengem Examen am Dactylo.

Trini: An?

Germaine: Neischt ze man! Meng Mamm gét e Méndeg op d'Kirmes op Metz.

Trini: Dat ass awer blöd! Ech hätt der de' kleng Fréd eso' gär vergonnt. Ech wéss jo, dass de net lauter Fréd hues heihém.

Germaine: Abé, ech wöll jo net kloen. Mè ech wéss net, ob ech dat nach lang aushalen. Ech hun alt scho geduecht, bei mengem Alter könnt ech och emol eppes anescht machen. Ech misst jo net onbedengt emmer hei hém sin.

Trini: Wéss de wat, dat misst de machen! Da gese'ch deng Mamm, wat se un dir hat!

Germaine: Nennen, si le'sst mech gewöss goen!

Trini: Lauschter. Ech hun e Plang: Du muss aus dem Haus, wat e'schter, wat besser. Elo wir jo grad eng gudd Geléenhét!

Germaine: Du mechs mer Angscht!

Trini: Dach follech mer. Pack se'er dat Ne'degst an, a mir lossen nemmen e Bre'fchen mat e pur Wurt zeréck. Du gés dann emol mat mir. De Rescht fünd sech. (geseit, dass d'Germaine onschlösseg ass) Dach, Germy. Et sin Amenter am Liewen, wo' é muss können handeln, besonnesch, wann et gölt, aus onme'glechen Situatio'nen erauszekommen — — Ge', pack hurteg. A bring mer e Stéck Pobeier. An dér Zeit iwerlées ech mir, wate mer schreiwen. (Germaine of)

Trini: (e we'neg onsecher) Et ass zwar eso' eng Sach! (nés resolut) Dach, den Iddi ass gutt. Eso' oder eso'! Et kann nemmen Gutts derbei erauskommen. D'Germy ass e gudd Kand, dat sech iwerall kann durchschloen. An et schafft sech

do't. Mè ech mengen, 't ass keng Woch aus dem Haus, da kennt én seng Mamm net erem.

Germaine: (könnst erem) Do wire mer nés. Wat eng Sach! — — An elo hun ech awer nach ké Ro'den a ké Weissen an der Täschi! (bedenkt sech) Ech we'sst zwar, wo' hir Geldpoche ass — — Mè ech man et net gär! — —

Trini: 'T ass och gur net ne'deg. Iwerloss de' Suerg mir. Hues de Pabeier?

Germaine: (récht Pabeier an e Bleistöft dur) Wat schreiwe mer dann elo?

Trini: Schreif: Mamm!

Germaine: (schreift a sét) Meng le'f Mamm!

Trini: (dikte'ert) Ech si fort. Du brauchst net no mir ze sichen. Ech spiren dach, dass ech iwerall zevill sin am Haus. Germaine.

Germaine: Soss neischt?

Trini: Nén, wat manner, wat besser! — — An da soe mir eló: Nun ade, du altes Haus!

Germaine: O Trini, wat mache mir!

Trini: Komm elo, ir deng Mamm erem könnst. — — Mè, 't ass awer vleicht besser, mir gin net zesumme fort — — Ech gin alt, an du könnst geschwönn no, gelu! (of)

Germaine: (onschlösseg) Soll ech, soll ech net? — Wat man ech och beim Trini — — Hat kann net emmer fir mech suergen — — An dach, ech spiren, ech muss fort, fort! 'T ass d'selwecht, wur — — Et ass mer, we' wann de Buedem mer önnert de Fe'ss gef entschwannen. (kuckt sech nach eng Ke'er am Zömmmer öm) Ech wéss net? — — (we' et bei d'Dir könnst, geseit et d'Kreiz do hänken, hölt et an engem Iwerschwong vu Gefiller erof, dréckt et fest un d'Löpsen) O Jesus, höllef, datt de' Sach gutt aus gét. (we' ausser sech) O Mamm, ech wéss net me', wo' ech dru sin! — — (schle't d'Dir zo' a fort)



2. Akt.

1. Optrett.

(an der Stuff beim Trini. D'Germaine setzt beim Dösch a spillt Milchen mam Trini senger Gro'ssmamm, enger ofgeklärter, verstänneger Fra. 'T geseit én, datt d'Germaine gedréckt ass)

Gro'si: Germaine, elo musst de uecht doen, soss hun ech dech.

Germaine: Ma, ech gesin. (mecht en Zoch)

Gro'si: (spillt och nés eng Ke'er, d'Germaine, ganz verde'ft a Gedanken, ass net beim Spill) Germaine, göf uecht!

Germaine: Jo, 't ass wo'er, ech sin net bei der Sach.

Gro'si: Du wärs un deng Mamm denken.

Germaine: Jo. — An 't ass mer eso' droleg. Et wärt er dach neischt zo'gesto'ss sin!

Gro'si: Ech verstin. — — Ech hätt et och vleicht net eso' gemacht.

Germaine: (besuert) Mengt Der, ech hätt onrecht gedoen?

Gro'si: Dat net onbedengt. — Mè 't go'f vleicht nach en anere Wé, fir de' Sach an d'Rei ze kre'en.

Germaine: We' niengt Der dat?

Gro'si: Ech wéss net, obs du dat richtig verstés. Göschter murgen hun ech an enger Radiopriedegt e sche'nt Beispill he'ren: We' do an engem russeschen Stroflager en Opsichter e Gefangenen mat der Geissel richt an d'Gesicht gehaen huet.

Germaine: (opgerégt) Dat wor jo e Be'scht!

Gro'si: Abé, da rod emol, we' de Gefangenen dorob reage'ert huet?

Germaine: Dat ass schwe'er soen. E kann sech dat awer bal net bidde lossen, eso'gur an engem Stroflager — —

Gro'si: Ech hat mir dat och erwart. We'negstens d'Feischt an der Täschi misst e machen, hun ech geduecht. Nén, hien ass ganz ro'eg bliwen, an huet dém schreckleche Mönch och den anre Bak durgehale.

Germaine: Dat war da jo grad, we' et an der Bibel héscht — —
Ech hätt net geduecht, datt haut nach én eso' eppes färdeg bre'ch — —

Gro'si: Maja, nemmen, d'Hapsach könnt nach. Dorob le'sst dén anre vun em of a gët ganz beschummt senger Wé.

Germaine: 'T ass bal zevill sche'n fir wo'er ze sin!

Gro'si: We' et schengt ass et awer de Fall. — Datt dat elo eppes iwermönschlech Schwe'res ass, gin ech jo gären zo', mè 't ass awer de' Method, de' den Heiland selwer ugin huet: Durch dat Gudd dat Schlecht z'iwerwanen. Ass et dann net eso'? Puff ge'nt Puff, da get nie Fridd!

Germaine: Dir hut recht.

Gro'si: Ech könnt der och eppes zielen aus mengem Liewen. We' ech ongefe'er an dengem Alter war, war ech op enger Platz zu Mondorf an engem Hotel. Mir waren onser 3 Dengschtmédercher, d'Alice, d'Nicolle an ech. D'Alice hat seng Mane'eren net grad an engem Palais gele'ert, an 't war och fame's nervös. Fir all klengen Dreck konnt et sech op'regen an dann huet et Sache gesot: Da war ech e Blatzkueder, e Fle'kätt, eng al Tulepant, eng knaschteg Sabbeltut. De' e'scht Zeit hun ech him natirlech gutt gelo'nt. Mè ech hu schliesslech sellwer fond: Dat do get neischt me'. — Du eng Ke'er, ech wéss net, wat lass war, do go'f et nés eso' galleg: Du ve'ereckegt Afegesicht, huet et gebröllt, du Kotzeliss — — Ech hat schon op der Zong, fir erem ze gin: Du Schnuddelgäns — — Hei, duecht ech op émol, 't könnt én et jo emol och anescht probe'eren. Ech sot gur neischt. We' et färdeg war, sot ech ganz ro'eg a lachendes Monds: Alice! Do huet et gekuckt an 't war ro'eg. — Eng aner Ke'er, we' et nés eso' we'scht war, hun ech nés stöll gehalen, a we' et

färdeg war, hun ech em e gudd Stéck Schokela durgerécht. 'T huet et net geholl, mè et war ganz platt an 't sot: Du bass awer besser we' echi. A vun dér Zeit un, huet én d'Alice bal net me' eremkannt.

Germaine: Dann hätt ech jo de' Ke'er glänzend versot! An dir git mir och gewüss net recht.

Gro'si: Ech wöll dat net grad behapten. Mè d'Gewaltmethode sin net emmer de' bescht.

Germaine: A wann ech elo nés bei menger Ste'mamm wir, fir dat Liewen nés jorelang auszehalen!

Gro'si: 'T muss én net ze weit denken! — —

2. Optrett.

(T he'ert é Schwätzen hannert der Bühn: Da komm Könni)

Céline: (köntt era mat hirem Klengen) A wie wönnt dann hei?

Germaine: Ech mengen, d'Gro'si.

Gro'si: Et war awer ké richtigtegt Gespills!

Céline: Ech ka mer dat denken. Eist Germy wärt mat senge Gedanken bei senger Mamm gewiescht sin.

Germaine: Jo, an d'Gro'si huet mech elo eso' onsécher gemacht — — — Ech mengen, ech hu net gudd gedoen.

Céline: Je, je Germaine, 't muss én heiansdo Courage hun am Liewen.

Germaine: Soll meng Mamm da wirklech net eng Grimmelche Le'ft hu fir mech?

Céline: Sie hätt der dat och alt e we'neg könne weisen.

Gro'si: Soll dann eng Mamm sin op der Welt, de' gur keng Le'ft hätt an hirem Härz? Mè, dat ass de grosse Fehler bei ville Mönchen: Sie weisen sech net genug, datt se fro' sin matenén. 'T wir nach eso' sche'n ze liewen! Mè bei villen ass d'Le'ft, we' e winzege, klenge Glo'scht önnert den Äschen. Et geseit én neischt dervun, bis emol e Sturm könnt. An dacks da ble'st den Härgott selwer an dén Äsche-ko'p.

Céline: Wo'mat dann, Gro'si? Du schwätz nés we' en Orakel.

Gro'si: Ma, mei Kand, ganz einfach: Mat e we'neg Misèr.

We' bei dér Fra, de' gemengt hat, hire Mann hätt awer och gur neischt fir sie. Emmer hat hien ze reklame'eren an ze kracke'len. Sollt en de Mantel undin: «Do, firwat hues du mir de Mantel nach net gefléckt» — «Wo' ass en da futti?», frot d'Kathrin. «Ma hei an der Täsch!» — «Firwat hues du dann net e'schter eppes gesot?» — «E'schter gesot! Dat solls du gesin!» - De Nékel kömmt em 1 Auer vum Zuch. «Do, nés kón Iesse färdeg!» — «Du has dach gesot, du ke'ms ere'scht em 5 Auer hém.» — «5 Auer, 5 Auer! Ech hätt gären eppes z'iessen!» — An d'Kathrin hat de ganze Muergen un der Wäsch geschafft. Dat war en e'wegt Gegrantz. Schliesslech ass d'Kathrin krank gin. Et hat nach me' Léd, we' Peng. — Mè do hätt dir e Nékel solle gesin: Kaum erem vum der Arbecht ko'm hie schon d'Trâp erop gestiwelt: Kathrin, we' ass et? Wat soll ech der machen? D'Kathrin huet sengen O're net getraut: Ass dat mein Nékel! 'T ass awer en hârzengudde Jong! — An hei, eng Ke'er, e wo'sst net, wat e sollt mache fir seng krank Fra, do huet en eppes kaft, fir hir eng kleng Fréd ze machen. Wat mengt der?

Céline: Eng Tablett Schokela.

Gro'si: Nén.

Germaine: E sche'ne Ro'sekranz.

Gro'si: Och net! Hie ko'm gerést mat enger Pöppchen, enger richteger Pöppchen. A we' d'Kathrin d'Pöppche gesin huet, war d'Kathrin énzock nés gesond!

Céline: Da war dat jo e gro'ssartegt Medikament!

Gro'si: Ob d'Pöppchen emmer eso' höllefft, wéss ech net. Mè an dém Fall huet se gehollef.

Germaine: (fängt un, ongedölleg ze gin) Abé, dir le'f Leit, dir musst net be's sin: Ech hu keng Ro' me'. Sot mer nemmen, we' ech iech soll merci soen? An da gin ech huerteg hém. (stét op)

Trini: (hält et zréck) A wat ass! Fir d'e'scht drenke mir elo nach e gudde Kaffi.

Germaine: (hat de' ganz Zeit op d'Gro'si gesturkt, 't geseit én, datt eppes un em schafft, op én Zock hieft et sech, an ir de' aner wösse wat lass ass, léft et bei d'Dir) Ech muss fort, ke'er fort, fort!

Gro'si: (erschreckt) A wur dann? — — (a schon ass d'Dir zo') — — — Hat wärt elo hém sin.

Céline: Wann et sech net onglecklech mecht — — — De' Sach gefällt mer net recht. (wöllt opstoen, iwerdém's fällt de Rido)



3. Akt.

1. Optrett.

(D'Stuff, nés opgeraunt)

Mad. Welfring: (eleng, zimlech bléch a midd) Ech wéss net me', wat ech denke soll? — — D'Sach fängt un, mer onhémlech ze gin. Elo ass et schon 3 Dég fort — — Op der Polizei ugefrot. Ké Germaine Welfring sech ugemellt, ként sech ofgemellt — — Am Passbureau ugefrot: Kén eso' e Pass ausgestellt — — Wat soll nemme geschitt si mat him? — — (erschreckt) 'T wärt sech dach net onglécklech gemacht hun! — — (nervös) Elo könnt mer e Gedanken: Et wärt sech dach net an de Wäschbour geheit hun (gleich zu der Dir aus. - De' Zeit, wo' d'Bühn eidel ass, he'ert én eng Schell op der Ströss an eng Stömm ruffen: Kaft Geme'ss, Zalot a Murten, Spargelen, Spinat! Da gét d'Schell nés: Kaft Geme'ss! Da ro'eg)

Mad. Welfring: (könnst erem, keichend) Wat war ech elo erschreckt! Gott sei Dank, 't ass awer net wo'er — — Ech war net me' eso' keng, fir an d'Wasser ze kucken — — Mè, wo' soll et nemme sin? — — Iwerall müssen ech et — — An et war dach e gutt Kand — — Emmer am Gäng — — An, jo et hat et net zevill gutt bei senger Mamm — — Ké gutt Wurt — — Emmer vernannt — — a verboten — — Elo spiren ech ere'scht, wat dat gutt Kand geschafft huet (emmer me' traureg a verzweifelt) 'T wir nach alles neischt, ech wöllt nach d'Arbecht eleng machen, wann ech nemme we'sst wo' et wir! — — (le'sst sech an eng Fotell falen) O Germaine, aremt Kand, komm erem bei deng Mamm — — De' bis elo deng Mamm net war — — Nén, et soll anescht gin —

— Ech wöll dech gären hun — — All meng Le'ft soll dir gehe'ren — —

(et get lues a lues me' deischer op der Bühn. D'Madame Welfring schengt an der Fotell angeschlossen. Op émol könnst vun der Seit vis-à-vis eng weiss Gestalt gespensterhaft erbei, trött ganz lues eran a bleibt an engem ganz grelle Scheinwerferlicht, me'glechst weit vun der Mad. Welfring eweg, stoen. Well et eng Visio'n am Dram soll sin, dofir schwätzt d'Mad. Welfring dat Folgend och we' am Dram, o'ni op d'Gestalt ze kucken)

Mad. Welfring: O Germaine, bass du et? Oder ass et deng Se'l? (mecht we' wann se wöllt opstoen. D'Germaine wenkt of) O Härgott ste' mer bei! Eist Germaine! Seng Se'! D'Germaine ass do't — — An ech sin es an der Schold! (verzweifelt) Germaine, verzeih mer! — — Germaine, komm erem! — — (De Scheinwerfer gét plötzlech aus, d'Gestalt ze't sech ganz sacht zeréck. — No enger kleiger Weil könnst d'Mad. Welfring nés zo' sech. D'Bühn get nés hell)

Mad. Welfring: Wo' sin ech? Wat war dat? War et richtig oder hun ech gedrémt? — — Et stét mech neischt Guddes un. D'Germaine ass do't! — — Durch meng Schold huet hat sech onglecklech gemacht — — O Härgott, verzeih him — — 'T ass meng Schold — — senger Mamm hir Schold — — !stét lues op, gét bei den Dösch, greift nom Ziedel) «Du brauchst net no mer ze sichen. Ech spiren dach, dass ech iwerall zevill sin hei am Haus». — — Dat aremt Kand — — Jo, et huet dat misse spiren — — Ech hat kén Härz fir et — — Germaine, komm erem — — Du solls net me' zevill sin am Haus — — Du solls elo eng Mamm hun — — a mir schaffen zesummen — — a mir hun ons gär — — O Gott, wat soll ech nemme machen?

2. Optrett.

(et klappt)

Mad. Welfring: (kuckt bal ängschterlech op d'Dir) Entrez!

Joffer Weis: (an irgendenger donkler Uniform) Entschöllegt, ech si jo hei bei der Mad. Welfring?

Mad. Welfring: (stét op) Jo, dat sin ech. Dirf ech Iech e Stull offre'ren?

Joffer Weis: Merci! (setzt sech) Ma, ech si geschéckt vum Policebüro. Dir hat jo des Dég do virgesprach we'nt Erer vermösster Duechter.

Mad. Welfring: (fängt un, opgerégt ze gin) Jo, an — —

Joffer Weis: (ze't lues a bedeitsam eng gölle Ketten aus hirer Posch) Kennt Dir vleicht de' Ketten hei?

Mad. Welfring: Weist emol, wann ech gelift. (d'Joffer Weis récht hir d'Ketten dur) Mei Gott, eso' eng hat onst Germaine — — (iwerlét e we'neg) Op ale Fall, d'Kette war och eso' dönn an eso' reng — — mèn ech mengen, 't war keng Medaille drun — — 't war e klengt Härz drun, dat é konnt opmachen — — We' kommt Dir un de' Ketten?

Joffer Weis: Dat soen ech Ich derno. Hat èrt Germaine net eng Leinzéchen um Arm?

Mad. Welfring: Dach, 't war eng Ke'er a pickegen Drot gefall, an du hat et sech de lenken Arm hei beim Ielebo' opgerass.

Joffer Weis: De lenken? — — Dann ass et schon besser. Huet Er Duechter e Bröll gedroen?

Mad. Welfring: Nén, hatt hat emmer gutt Aen.

Joffer Weis: Abé, da kann ech Iech jo elo soen, wat ass. Si hun de Muergen bei Stésel d'Leich vun engem Médchen an den 20er Joren aus der Uelzecht gezun. De' Ketten hei huet et gedroen, an 't hat e Bröll op. An 't hat eng de'f Leinzéchen vun enger fre'rer Wonn um rechten Arm.

Mad. Welfring: (ganz opgeregt) Um rechten? Sid Dir secher?

Joffer Weis: Jo, um rechten. An en hellbäsche Mantel hat et un an eng blo Jupe.

Mad. Welfring: Wat? Eng blo Jupe? Onst Germy hat och eng blo Jupe! Et wärt dach net! Ech muss se'er kucke goen — (fort)

Joffer Weis: Dat sin emol schrecklech Gäng, de' é muss machen, fir eso' e Fall opzeklären. Mè, 't schengt awer net hei ze sin.

Mad. Welfring: (könnt erem, eng blo Jupe an der Hand) Gott sei Dank, de' blo Jupe ass nach do, an sengem Kléderschaf — — Wat hat Dir mir Angscht gemach!

Joffer Weis: Abé, we' 't schengt, Dir könnt awer elo ro'eg sin — — Wa mer soss eppes gewur gin iwert Er Duechter, da gi mir Iech gleich Nouvelle. (stét op)

Mad. Welfring: Hoffentlech he'ert Der neischt Schlechtes!

Joffer Weis: (get hir d'Hand) Madame Welfring!

Mad. Welfring: Avour a merci! (setzt sech) Ech wéss net me', wat mat mer virgét. Eso' töscht Hoffen a Bängen ze liewen. (lét de Kapp zeréck, we' wann se wöllt raschten).

3. Optrett.

(et klappt)

Lily: (e Médchen töschent 12-14 Jor, brengt d'Letzebg. Wort, e Kuerf mat Praumen an der anrer Hand) Bonjour Madame Welfring. Hei ass d'Zeidong. Ass Ert Germaine net hei?

Mad. Welfring: Fir wat, mei Kand?

Lily: Ma, meng Mamm hätt gär gehat, wann et de Mötteg eng kleng Stonn eriwir komm wir, fir hir et nach eng Ke'er ze weisen, we' s'op der neier Bitzmaschin soll brode'eren. Dat gong ze se'er, we' dé Mann hir dat göschter explize'ert huet — — A meng Mamm huet gesot, ech sollt Iech alt emol dé Kuerf Praumen hei lossen. De Rescht ke'm nach no.

Mad. Welfring: (bedréckt) 'T ass Schued. D'Germy ass awer elo net hei.

Lily: Okey, Dir könnt d'Praumen awer schon halen. Wann d'Germaine da könnt, da kann et jo vleicht bis bei ons kommen. Wann et haut net ass, da mur oder iwermur. 'T ass neischt, wat brennt. Da kann de Jämpi nach e we'neg warden fir seng Box.

Mad. Welfring: (lacht e we'neg) Kritt de Jämpi dann eng brode'ert Box?

Lily: Dat net, mèn ech kre'en e sche'nt Schirtech, eppes ganz Extras, sot meng Mamm. An da flécken ech och emol u

mengem Gezei, sot meng Mamm. Da sot Dir dem Germaine Beschéd, gelt Dir. Avour Madame Welfring! (zur Dir aus)

Mad. Welfring: Dat gutt Kand! Dir könnt d'Praumen awer schon halen — — An ech hun s'awer net verdengt — — An d'Germaine huet schon eso' vill an d'Haus bruecht mat all senger geschéckerlecher Aushöllef — — A meng ganz Garderobe huet et an der Rei gehalen — — Elo gin ech ere'scht gewuer, wat dat kascht — — Wat soll ech nemme machen? (béckt sech iwert d'Zeidong) A wat héscht dat? Zu Bre'ssel wir e jongt Médchen önnert den Tram komm, an no der Identite'tskart ze schle'ssen, wir et eng Letzeburgerin, mè de Numm wir net me' ze liesen drop — — O mai, 't wärt dach net. Nén, 't hat jo keng Souen, fir eso' weit ze furen — 't misst grad én him se gele'nt hun. Wat soll ech denken?

4. Optrett.

(et he'ert én hanert der Bülm Getröppels an eng Kannerstömmchen: Gi mir bei d'Germy? D'Trini: Jo, bei d'Germy! Et klappt)

Mad. Welfring: (firt sech eng Ke'er iwert d'Hoer an iwert d'Kléder, stét op) Ja!

Trini: (könnt mat dém Klengen eran, me'glechst onbefangen) Bonjour, Madame Welfring.

Dat Klengt: Bonjour Madame Welfring!

Mad. Welfring: (get em ganz artlech d'Hand) Bonjour, bonjour Könni. Trini! O Trini, we' sin ech eso' fro', dass de könnst. Wanns de we'ss, we' et mir ass!

Trini: (setzt sech, hélt d'Könni bei sech) We' dat dann?

Mad. Welfring: O onst Germaine!

Trini: Maja, 't geseit an 't he'ert én neischt me' vun em. An der Ströss schwätzen d'Leit — —

Mad. Welfring: (interesse'ert) Trini, wat soen se?

Trini: (onschölleg) Hui, 't wir fort, 't we'sst ké wur. 'T wir eppes net liwreg — —

Mad. Welfring: Soen se soss neischt?

Trini: Weider hun ech neischt he'eren. Dofir duecht ech, ge' emol kucke bei seng Mamm. We' stömmt et dann mat Erem Germaine?

Mad. Welfring: Ech wéss et selwer net. Mè, mech ohnt neischt Guddes! — — Et wärt sech dach net onglécklech gemacht hun, durch meng Schold!

Trini: We', durch Er Schold?

Mad. Welfring: Ech hat senger Liewe neischt fir dat Kand, emmer nemmen gegrauzt, ké gutt Wuert. Do hal én dat aus!

Trini: Nén, Madame Welfring, ech mengen, do git dir bestömmt ze weit. Ech hun d'Germy jo selwer dack bedauert. Mè dofir ge'f d'Germaine sech awer nach neischt undin! — — Mè datt et emol aner Konséquenzen könnt ze'en, dat wir net onme'glech.

Mad. Welfring: We' mings de dat?

Trini: Mè, datt hatt geduecht hätt: Wann et dohém net gét, da muss ech soss entzwuesch goen.

Mad. Welfring: Da mings de et wir nach um Liewen?

Trini: Ganz bestömmt!

Mad. Welfring: O, ech geng et gleich sichen. Ech ge'f em soen: Komm mat hém, Germy, bei deng Mamm. Du solls elo eng Mamm hun — — Wéss de, Trini, ech hun nie eppes vu Le'ft gespirt zu dém Kand. Mè elo könnt ech mech do't kreischen — — (drenglech) So, Trini, wölls du mer höllefen, d'Germy eremfannen.

Trini: Vun Härze gär! Sot mer nemmen, wat ech soll machen.

Mad. Welfring: Ja, wat soll én do machen?

Trini: 'T misst én emol nokucken an déne Familjen, wo' d'Germaine alt emol op an zo' gangen ass — — An ech mengen, ech könnt et och erem bewegen, erem bei Iech ze kommen.

Mad. Welfring: Trini, ech we'st net, we' ech der sollt danken.

Trini: Abé, ofgemacht, Madame Welfring. (hieft sech) Ech mache mei Bescht. A wa mer Gléck hun — — Avour! (zum Kand) Könni, so och sche'n Avour Madame Welfring. (allebe'd fort)

Mad. Welfring: Wann et dach nemme recht hätt! Da wir jo nach alles gutt ze machen. Ah, dat Trini könnst mer bal we' en Engel vum Himmel! An 't ass luesseg an net domm. — —

(Rido)



4. Akt.

(an der Stuff bei der Madame Welfring. Sie sötzt beim Dösch, Bre'fpabeier virun sech, eng Fieder an der Hand, steipt de Kapp op eng Hand, we' wann se ge'f nodenken.)

1. Optrett.

(et klappt. Eng Virkäfesch, al schnabbeleg, könnst eran.

Virkäfesch: Bonjour Madame Welfring. An 't gét nach emmier gutt?

Mad. Welfring: Ah, dach, ech hätt Iech bal net eremkannt!

Virkäfesch: Maja, wann én sech nemmen émol am Jor geseit. Maja. Meng Äppel waren awer secher gutt, zejort? Sie hu gehalen bis an de Juni eran, hun d'Leit mer gesot. Maja. Ech liweren och nemmen de' bescht Wur. Maja. Dat soen d)Leit mer allegur. Maja. Dir wart secher och zefridde mat mengen Äppel! We' lang haten se da gehalen?

Mad. Welfring: Wann ech net iren, hu mer ugangs Mé de' lescht giess.

Virkäfesch: Gesit Der, hat ech net Recht! Wann Dir der me' gehollt hätt, hätten se bis an de Juni eran geholen! 'T ass och eng extra gudd Wur, de' ech verkafen. A wösst Der, en Apel an e Stéck Bro't, weider braucht et neischt fir ze liewen!

Mad. Welfring: (resigne'ert) An e we'neg Fréd.

Virkäfesch: De' gét Iech dach bestömmt net of. Eso' e ro'ege klenge Stod. Dé wéss jo eigentlech net, wat em fehlt — — Do krit en anren dack sche' Sachen ze gesin. 'T soll é jo eigentlech net aus der Scho'l schwätzen, maja. Denkt Iech, we' ech göschter um Tour war zu De'ferdeng, do he'ren ech

jo op émol aus engem Haus Kräsch a Gejeitz. A Wierder si gefall, de' ech net ka repete'ren. An do gét d'Hausdir op an 't geseit én zho' Adbazonen oder we' nennt én dat, eng Fra an hirt gro'sst Médchen. Sie haten sech mat den Hor. O mai, duecht ech, dat do get schrecklech! An ech si gelaf, d'Gendarne ruffen. -- Gelt, 't ass awer traureg, wann d'Leit sech streiden a klappen, dohém. Gelt, eso' eppes ge'f Ert Germaine bestömmt net machen!

Mad. Welfring: (kuckt op d'Seit) Wo' denkt Dir hin? Dat ge'f sech le'wer do't schloe lossen — — —
('t lie'ert én eppes kommen hannert der Bühn).

Virkäfesch: Ma, ech he'ren é kommen. Da wöll ech net weider ste'ren. Sot mer nach se'er, wiewill Äppel huelt Dir de' Ke'er?

Mad. Welfring: Grad we' zejort.

Virkäfesch: Merci an avour. (gét auß. Dobaussen he'ert én se nach: Ah, Joffer Trini, ech kommen och nach bei Iech.)

2. Optrett.

Trini: (tappt eng Ke'er un d'Dir a könnt gleich eran) O Madame Welfring! Ech brengen Iech eng gudd Nouvelle!

Mad. Welfring: Was de net sés! Vum Germy?

Trini: Jo, vum Germy. 'T wärt op der Minut hei sin.

Mad. Welfring: O mei Kand, mei gudd Germaine! An 't ass secher, datt et nach lieft?

Trini: A gären!

Mad. Welfring: An et ass em neischt geschitt?

Trini: Do könnt Dir ro'eg sin.

Mad. Welfring: O Gott sei Dank! Da war et we' e ganz be'sen Dram. (fängt un ze kreischen) Ech ka mer bal net höllefen. (Et he'ert én tröppelen dobaussen..)

Germaine: (könn't o'ni ze klappen eran, op seng Mamm durgeflunn) O Mamm, verzeih mer!

Mad. Welfring: Germaine, bass du et wirklech? (emärbelt a kösst et, sie wöllt et bal net me' lass lossen)

Germaine: Du gudd Mamm, verzeih mer, datt ech der dat Léd ugedoen hun — —

Mad. Welfring: So dat net. Ech hat dir es me' gemacht, jorelang. Mè elo sin ech eso' fro', dass du nés hei bass! Ech hätt et net me' gepackt — — An elo solls du et besser hun bei denger Mamm!

Germaine: An ech mache, wat ech nemme kann, fir dir ze höllefen an dir et sche'n ze machen — — (streckt d'Hänn an d'Lucht) O ech sin eso' fro'! Ech könnt sangen!

Trini: Do sin ech mat! Wat fir ént?

Germaine: «'T war émol sche'n hei um Plane't.
(sie sangen zesammen:)

'T war émol sche'n hei um Plane't, um Plane't,
am Paradeis, am Wonnergart.
Keng Surg, ké Léd, a neischt war hart, neischt war hart,
Op émol huet sech d'Rad gedre't:
'T go'f deichter Nuecht, voll No't a Schmärz;
voll No't a Schmärz.

An trotzdem get et emmer nach, emmer nach
vum Paradeis e winzegt Stéck;
jo, vum dém ongedre'fte Gléck, vum dém Gléck,
ass dach net alles fortgewach:
'T ass d'Le'ft vum engem Mammenhärz, vum Mammenhärz,
E Paradeis ass d'Mammenhärz, d'Mammenhärz,
an d'Kaner si ganz se'leg dran,
wo' si och sin, a wat se mân, wat se mân,
dohém bei hir, an anerwärts:
Sie si geburgen hei a fro', hei sin sie fro'.
Dofir, dir Kanner, kleng a gro'ss, kleng a gro'ss
Behitt dén hellge Paradeis,
halt en an E'ren, op all Weis, op all Weis.
An ass eng Ke'er hart èrt Lo's:
Gitt bei dat Härz, do fand der Ro', do fand der Ro'.

(Rido)